STAD DIKRICH

NATIIRLICH FIR EECH DO!

www.diekirch.lu

NEWSLETTER MÄERZ 2026

SCHANTERCHER

Services Industriels

Enn Abrëll 2024 ass dat aalt Gebai vun de Services Industriels ofgerappt gi fir engem neien zäitgeméissen a funktionale Bau Plaz ze maachen, deen den Usprëch vun enger moderner Verwaltung entsprécht. Dëse Projet ass geschwë fäerdeg. Um Schantjen an der Route de Larochette ginn den Ament d'Finitioune bannen am Gebai gemaach, sou dass d'Services Industriels schonn a kuerzer Zäit vum provisoreschen Ënnerdaach bei der fréierer Entreprise Schou an dat neit Gebai op der Nummer 32 an der Fielsser Strooss plënnere kënnen.

Buvette Piscine

D'Buvette vun der Piscine ass am gaange renovéiert ze ginn. Nodeem dat flott Lokal an der Sportshal déi lescht Méint eidel stoung, huet d'Gemeng decidéiert fir hei e Raum fir eis Veräiner anzeriichten, wou si kënne Reuniounen ofhalen oder fir aner Geleeënheeten zesummekommen. Fir dass dat och an entspaanter Ronn geschitt, kréien d'Raimlechkeeten elo bannen a baussen e ganz neie Look verpasst.

GEMENGEPROJETEN

Urban Art

Am leschte Joer huet d'Gemeng déi éischt *Urban Art*-Projeten an Dikrich lancéiert a wëll och an Zukunft weider där Konschtwierker am Zentrum vun Dikrich an Optrag ginn. Am Mäerz 2026 konnt esou d'Mauer bei der Maison de l'Orientation vum Kënschtler Julien Lavandier (nuublaa) nei an Zeen gesat ginn. Seng ganz grafesch Molerei hieft déi interessant Architektur vum Gebai selwer ervir, stellt dëst souzesoen op e passende Sockel. Fir den Artist spille Formen an d'Aart a Weis wéi si interagéieren eng grouss Roll.

INFORMATIOUN

DIKRICH TV | Um Infokanal, bei der Post an Eltrona
| All 3. Méindeg am Mount owes um 19 Auer eng nei Emissioun

NÄCHSTEN DEIWELSELTER (LU FR EN) | Mëtt Mee 2026 per Post an op diekirch.lu

Urban Gardening

Am Dechensgaart an an der Foussgängerzon sollen am Laf vum Mount Abrëll flott Backe mat Straich, dekorativem Geméis a Kraider hikomme fir d'Stad net nëmme méi faarweg, mee och nach iessbar ze maachen. Och wann d'Geméiszorte schéin unzekucke sinn, kann herno jiddereen deem et duerno ass, zougräifen. *Urban Gardening* ass *in* a fënnt elo och säi Wee an den Dikricher Stadzentrum.

FESTER & EVENTER

Dikricher SauerRallye

Dikrich kritt en neien Event. De 26. Abrëll gëtt laanscht d'Waasser den éischten Dikricher SauerRallye ofgehalen, deen d'Gemeng selwer, mat Hëllef vun de Veräiner, organiséiert. Dëse spillereschen Tour laanscht d'Sauer riicht sech u jiddereen dee gär Spaass huet an dobäi an der frëscher Loft aktiv wëll sinn. Um Enn waart natierlech op d'Gewënner och e flotte Präis. All Detailer fannt Dir op der Käertchen, déi ugehaangen ass.

KLIMANEWS

Klimatipps fir di besser Joreszäit

D'Fréijoer réckelt mi no an domat klammen och nees d'Temperaturen. E gudden Zäitpunkt ganz bewosst eppes fir de Klima ze maachen:

- Di éischt waarm Deeg notze fir d'Heizung erofzedréinen. D'Fënsteren net op Kipp stellen, mee weider op Stousslëfte setzen.
- Méi dacks op de Vëlo klamme fir sech ze deplacéieren.
- Saisonal akafen: Obwuel nach ëmmer Geméis fir ze lagere wéi Muerten, Rout Rommelen a Kabes am Vierdergrond stinn, gi geschwë schonn Zalot, Rubbarb, Bärlauch, Spinat a Réidercher erageholl.
- Blumme planzen, déi d'Beien unzéie, wéi z. B. Lavendel a Kapuzinerkress oder Kraider wéi Salbei an Thymian. Allgemeng op Pestizide verzichten – Brennnesselspiff oder Seef maachen och hiren Déngscht – oder firwat net Himmelsdéiercher bestellen, déi sech op Lausfudder freeën.

→ **Wichteg:** Buedem ouni Torf benotze fir d'Moueren ze schützen an de Roboter fir ze méinen am beschten nach am Schapp loossen!

DIKRICHER SAUERRALLYE



FIR GROUSS A KLENG

26. ABRËLL 2026

Verbréngt ee flotte Moien op dësem **5 km laange Parcours** laanscht d'Sauer wou Dir verschidde Statiounen an Aufgabe meeschtere kënnt. Mat e bësse Chance kënnt Dir souguer **ee Kaddo** gewannen. No engem Kaffi a Croissant, ass den Depart **tëschent 8.30 an 10 Auer hannert dem Gemengenhaus** (27, avenue de la Gare) **am Park** virgesinn.

Aschreiwe kënnt Dir Äre Grupp **bis de 17. Abrëll** iwwer de QR-Code hei drënner oder andeems Dir eng E-Mail u communication@diekirch.lu schreift oder op d'Nummer 80 87 80 - 204 urufft.

VILLE DE
DIEKIRCH

Mat der Ënnerstëtzung vun: Amicale Asazzenter Dikrich, Amicale Iwwer Bierg an Dall, APEDP, Dikricher Jugendhaus, Gaart an Heem Dikrich, Octopus Cercle de Plongée, Soroptimist Club Diekirch, Syndicat d'Initiative Diekirch